Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Donat
Réiserbann

# De Lianendschungel

## Geschicht:


Piraten fannen sech deelweis a brenzlege Situatiounen erëm, z.B.: kéint et jo mol virkommen dass een am déiwe Bësch vu Feinden iwwerrommpelt gëtt. Dofir mussen dann Kanounekugelen duerch d'Beem transportéiert ginn, fir am Kampf benotzt ze ginn. A wann de Kampf bis gewonn ass, kritt ee bestëmmt och e puer Goldmënzen.

## Material:



- 2x Niddregseelgaart Këschten
- 2x weider Slacklinen
- Déckt gréngt Seel (Lianen)
- Kanounekugelen (200 Stéck)
- Holzkëschte fir d'Kugelen dran ze maachen
- Deko: Kanounekugel (vum Theater)

## Opbau:




**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Donat Réiserbann**
44, Grand-Rue L-3394

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Donat
Réiserbann




## Oflaf:

D'Grupp steet op der enger Säit vum Lianeparcours a muss op déi aner Säit vum Parcours komme wou eng Këscht mat de Kanounekugele steet. Fir op déi aner Säit ze komme mussen d'Wëllef iwwert de Parcours goen. Dobäi duerfen si op kee Fall vun der wackeleger Slackline erof an dat gëftegt Waasser falen. Wann een erof fält, muss e vu vir ufänken.
Op der anerer Säit ukomm, duerf sech all Kand eng Kanounekugelen huelen a leeft dann um Buedem mat der Kugel rëmm bis bei den Ufank vum Parcours. D'Kanner sollen ëmmer just ee Wee laanscht d'Slackline lafen a net ze no dodrun, fir falls ee géif falen.
Op dem Parcours selwer duerfen ëmmer 2 Kanner gläichzäiteg sinn. Dat nächst Kand duerf awer réischt op de Parcours goen, wann dat anert Kand mat der Kanounekugel rëm zeréck ass.

## Reegelen:

Et duerfen all Kéiers max. 2 Kanner gläichzäiteg pro Slackline um Parcours sinn.
Dat nächst Kand duerf réischt op de Parcours eropgoen, wann ee Kand zeréckkënnt.
Deen, dee vum Parcours op de Buedem fält muss vu vir ufänken.
All Kand duerf nëmmen eng Kanounekugel transportéieren.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Donat Réiserbann**
44, Grand-Rue L-3394

**Bewäertung:**

Unzuel u Kanounekugelen déi a 7 Minutten transportéiert ginn. (Ass Zäit eriwwer an e Kand huet awer schonn eng Kugel am Grapp mee ass nach net zeréckgelaf, dann duerf déi Kugel awer nach op déi aner Säit bruecht ginn an zielt och nach.)

**Bemierkung:**

Oppassen, dass kee fuddelt an dass d'Leetseel uewen mat de Lianen nach stramm genuch ass. Eventuell muss d'Seel heiansdo nogespaant ginn. Och d'Slackline demno wéi nach eemol nozéihen.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Donat Réiserbann**
44, Grand-Rue L-3394